# PARBLAT – BULLETIN PAROISSIAL

**Par Kordall Sainte-Barbe**

**Par Déifferdeng Saint-François-d'Assise**

**27.07. – 01.09.2024**



*Chapelle Notre-Dame au Chêne (Muttergottes vum Kues) au bois entre Linger, Guerlange et Clemency.*

*(Foto: Eric Enders)*

## Pastoralequipe
## fir d'Paren Kordall Ste-Barbe an Déifferdeng St-François-d'Assise

| | | |
|---|---|---|
| **Curé-modérateur**<br>**Jean-Pierre Reiners (Curé-doyen)** | **621 272 518** | jean-pierre.reiners@cathol.lu |
| **Curé Romain Gillen** | **Tel: 50 72 47**<br>**Fax: 50 58 29** | romain.gillen@cathol.lu |
| **Curé Alberto Chambi** | **621 770 960** | alberto.chambi@cathol.lu |
| **Abbé Jean-Luc Pinalie** | **661 73 06 11** | jean-luc.pinalie@cathol.lu |
| **Diakon William Zanier** | **621 490 206** | william.zanier@cathol.lu |
| **Pastoralreferentin Andrée Biltgen** | | |
| **Communauté lusophone du Sud** | | mcpesch@pt.lu |
| **Père Rui Da Silva Pedro c.s.** | **54 06 69** | ruipedro44@hotmail.com |
| **Père Marcos Donato Fuentes c.s.** | **54 06 69** | marcos.fuentes@cathol.lu |

**Titularkatecheten vun der Par Kordall Ste-Barbe**

| | | |
|---|---|---|
| **Eric Enders** | **621 177 764** | eric.enders@cathol.lu |
| **Khanh Faten-Nguyen** | **621 178 840** | khanh.faten@cathol.lu |
| **Christine Marcy** | | cate.kordall@cathol.lu |

**Titularkatechetinnen vun der Par Déifferdeng St-François-d'Assise**

| | | |
|---|---|---|
| **Ilona Dury-Goska** | **691 929 170** | ilona.dury@cathol.lu |
| **Romaine Muller-Meyer** | **691 367 471** | romaine.muller@cathol.lu |
| **Christine Marcy** | | cate.deifferdeng@cathol.lu |

**Sekretariat vun der Par Kordall Ste-Barbe** — 26 50 38 62

**27, rue de la Résistance L-4942 Bascharage**

| | | |
|---|---|---|
| Malou Geronzi-Poos | 26 50 38 62 - 621 830 682 | kordall@cathol.lu |
| **Lundi**: | **15h00 – 17h00** | |
| **Mardi à vendredi:** | **09h00 – 12h00 & 15h00 – 17h00** | |

**Sekretariat vun der Par Déifferdeng St-François-d'Assise** — 58 80 84

**1, avenue d'Oberkorn L-4640 Differdange**

| | | |
|---|---|---|
| Marinette Seyler-Hengo | 58 80 84 | deifferdeng@cathol.lu |
| **Lundi à vendredi:** | **10h00 – 12h00 & 14h00 – 18h00** | |

**Homepages:** http://cathol.lu/kordall http://cathol.lu/deifferdeng

**Aumônerie catholique Centre hospitalier Emile Mayrisch (CHEM)**

**Elisabeth Baudin** **57 11 80 550**

**Magnificat anima mea Dominum!**

De 15. August, op Léiffrawëschdag (Maria Himmelfaart), organiséieren d'„Oeuvres paroissiales Käerjeng“ en Trëppeltour op deem schéine Kierchepad tëscht Péiteng a Kéinzig. (Detailer heizou fannt dir an dësem Parblat.) Den Urspronk vun dësem Wee geet an d'18. Joerhonnert zeréck, wou déi Péitenger alt méi dacks op Kéinzig an hir Haaptkierch komm si fir kierchlech Fester a Prëssessiounen matzefeieren. Deemools huet nämlech Péiteng zur Par Kéinzig gehéiert. Dëst huet sech eréischt am Ufank vum 19. Joerhonnert geännert, wéi Péiteng eng eegestänneg Par ginn ass. De Kierchepad awer ass als Verbindung vun deenen 2 Pare bliwwen, gehéiert zum Patrimoine vun deenen 2 Gemengen an ass bis haut e ganz beléiften Auto-pédestre.
Wann een op dësem Wee am Bësch e liichte Schwänker iwwert déi belsch Grenz Richtung Gierleng mécht, stéisst een op déi kléng Kapell mat der Muttergottes vum Kues. Dëst ass eng Plaz, wou ech perséinlech vill schéin Erënnerungen domat verbannen: Sief et Massen, déi mer als Par um Kues gefeiert hunn, Scoutsverspriechen, déi do ofgehale goufen, oder och nach d'Schubkoarscourse um Nuetsrallye vum Kéinziger Club des jeunes... Der mëndlecher Iwwerliwwerung no hunn d'Gebridder Schwab, déi deemools Paschtouer zu Gierleng waren, dës kleng Muttergottesstatu eng éischte Kéier bei enger Eech (Kues) am Bësch opgestallt. Wéi dës Eech vun engem Blëtz getraff gouf a komplett verbrannt ass, blouf d'Muttergottesstatu op wonnerbar Manéier verschount. Dës gouf duerno fir d'éischt an engem klénge Oratoire opgestallt ier se dunn an enger Kapell, déi 1912 gebaut gouf, hir definitiv Plaz fonnt huet.
Am Evangelium vum 15. August heescht et am éischte Saz: „In jenen Tagen machte sich Maria auf den Weg und eilte in eine Stadt im Bergland von Judäa.“(Lk 1,39) D'Maria hëllt dee laange Wee vu ronn 120 Kilometer op sech fir hirer Cousine, der Elisabeth, déi gutt Noricht vun der Schwangerschaft ze iwwerbréngen. Wéi einfach hätt d'Maria et dach haut: Eng kuerz Email, SMS oder en Telefonsuruff… An awer denken ech mer, datt grad dëse Wee, deen d'Maria gaangen ass, fir si eng ganz wichteg Erfarung war. Eng zweet Saach, déi mech bei dësem Evangelium ëmmer erëm erstaunt, ass déi laang Zäit, déi si bei der Elisabeth verbréngt. Am leschte Saz heescht et do: „Und Maria blieb etwa drei Monate bei Elisabet; dann kehrte sie nach Hause zurück.“(Lk 1,56) 3 Méint Zäit fir Froen ze stellen, opzeschaffen, sech auszetauschen, sech ze freeën, ze hoffen an och fir ze bieden.
„Sech op de Wee maachen“ an „op Besuch sinn“ kéinten zwee interessant Impulser grad fir dës Vakanzenzäit sinn. Wou a wéi kann ech mech op de Wee maachen, eventuell och fir eng Erfarung mat Gott ze maachen? Mat weem wëll ech dës Zäit verbréngen a ween kann ech eventuell besiche goen?
Loosst mer mat Freed an dëse Summermount August eragoen, an zesumme mat Maria eise Luefgesang un den Härgott riichten: Magnificat anima mea Dominum. – Meine Seele preist den Herrn!
A vläicht begéine mär eis jo dann de 15. August um Kierchepad.
Ech géif mech freeën.

Schéi Vakanz!

Eric Enders

**<u>Samschdeg, 27. Juli</u>**

**Oberkorn**
**11:00 Daf: Stephanie Gonçalves Perreira.**

**Pétange**
**12:00 Daf: Billie Theis.**

**Pétange**
**17:00 Messe anticipée en français:**
als 1. Joermass fir Paulette Thein-Smetz a 14. Joermass fir Henri Thein;
als 2. Joermass fir Giuseppe Barnabo a Mass fir Mino Barnabo;
als Joermass fir Viviane Dias Rama;
als Joermass fir José Antonio Maurizio a Mass fir de Mil;
fir Domenico Vivani (D.V.);
als Stfg. fir d'Eheleit Nic. Neuberg-Martha Haan an d'Famill;
als Stfg. fir d'Eheleit Hieronimy-Kinsch.

**Bascharage**
**18:30 Virowendmass:**
fir Francis a Pia Gratia;
fir Henri Sales an d'Familljen Sales a Lentz;
fir Paul Wagner, d'Eheleit Nicolas Haupert-Mathilde Schmit,
Haupert-Flammand a Schmit-Muller.

**<u>Sonndeg, 28. Juli</u>** ***17. Sonndeg am Joreskrees B***
*Weltdag vun de Grousselteren a Senioren*

**Hautcharage**
**09:15 Houmass:**
als 1. Joermass fir Marie-Thérèse Wagner-Hansen;
als 4. Joermass fir Raymond Pastoret a Mass fir Marie-Thérèse Pastoret-Lorang.

**Pétange**
**09:15 Houmass:**
als Stfg. fir Anny Fischbach, d'Elteren, Th. Fischbach a J. Penning;
als Stfg. fir déi Verstuerwen vun de Familljen Ensch, Franzetti,
Willière, Cathrein a Lentz.

**Oberkorn**
**11:00 Houmass.**

**<u>Freideg, 2. August</u>** *Hl. Eusebius, Bëschof († 371)*
*Hl. Péitrus Julianus Eymard, Priester († 1868)*

**Pétange**
**17:30 Adoration, rosaire et confessions.**
**18:30 Mass:**
fir Josy Poncin-Thréisy Nicks, Jean Elsen an d'Famill.

**<u>Samschdeg, 3. August</u>**

***An alle Massen um Weekend: «Kollekt fir d'Kierchen am Hellege Land»***

**Oberkorn**
**11:00 Daf: Rulx Owen Alexis Pluviose, Lucas Mascarenhas a Ruby Ribeiro da Silva.**

**Pétange**
**17:00 Messe anticipée en français:**
als Joermass fir Mauro Luchini a Mass fir Dante Luchini;
fir d'Eheleit Filadelfio Vieni a Graziella Vieni-Savio;
als Stfg. fir déi Liewend a Vestuerwen vun der Famill Poensgen-Faber.

**Bascharage**
**18:30 Virowendmass:**
fir d'Eheleit Susanne an Edmond Welu-Thiry;
als Stfg. fir d'Eheleit Marcel-Catherine Schütz-Lamesch an d'Famill.

**<u>Sonndeg, 4. August</u>** ***18. Sonndeg am Joreskrees B***

**Pétange**
**09:15 Houmass:**
fir Carlos Augusto Alcarva;
als Stfg. fir déi Verstuerwen vun de Familljen Ensch, Franzetti, Willière, Cathrein a Lentz.

**Oberkorn**
**11:00 Houmass:**
als Joermass fir Michel Berg;
op Meenung (M.S.).

**<u>Freideg, 9. August</u>** *Hl. Edith Stein, Schutzpatréinesch vun Europa († 1942)*

**Pétange**
**17:30 Adoration, rosaire et confessions.**
**18:30 Mass.**

**<u>Samschdeg, 10. August</u>** *Hl. Laurentius, Märtyrer-Diakon († 258)*

**Rodange**
**15:00 Hochzäit: Jean-Claude Asseufi – Liliane Ngah Ndzana.**

**Pétange**
**17:00 Messe anticipée en français:**
fir Stjepan Jagodin, d'Familljen Jagodin-Serfin a Salerno-Lanfranco;
fir Walter, Teresa, Raffaele a Francesco Valentini (T.V.);
als Stfg. fir d'Eheleit Alphonse Tibor a Julie Didling.

**Bascharage**
**18:30 Virowendmass:**
fir Francis a Pia Gratia;
fir Edoline Barthelmy a Roland Barthelmy;
fir Marie an Arthur Goldschmit-Franck, Marie a Roby Kutten-Schommer;
als Stfg. fir d'Familljen Eich, Leuschen, Mertzig a Jean Birnbaum.

**Rodange**
**18:30 Virowendmass:**
als Joermass fir d'Famill Kauth-Kemp;
als Stfg. fir Pierre Boever a Francine Bianconi;
als Stfg. fir Catherine Biver an d'Famill.

## <u>Sonndeg, 11. August</u> *19. Sonndeg am Joreskrees B*

**Pétange**
**09:15 Houmass.**

**Oberkorn**
**11:00 Houmass:**
fir Jos. Hoffmann;
fir Lexy a Camille Schambourg-Delhez;
fir Malou a François Schoos-Schambourg;
fir Maria a Jos. Victor-Schroeder;
fir dé Lieweg a Verstuerwen vun de Familljen Schambourg a Lentz;
als Stfg. fir Antoine Klein a Marie-Thérèse Leyers.

## <u>Mëttwoch, 14. August</u> *Hl. Maximilian Maria Kolbe, Märtyrer († 1941)*

***An alle Massen vum 14. a 15. August***
***ginn d'Wëscher geseent, déi d'Leit matbréngen!***

**Clemency / Kapell St. Maximin**
**18:30 Virowendmass fir d'Héichfest Mariä Himmelfaart.**

## <u>Donneschdeg, 15. August</u> *Mariä Himmelfaart – Léiffrawëschdag*

**Pétange**
**09:15 Houmass fir d'Héichfest Mariä Himmelfaart.**

**Bascharage**
**10:30 Houmass fir d'Héichfest Mariä Himmelfaart.**

**Oberkorn**
**11:00 Houmass fir d'Héichfest Mariä Himmelfaart**
*(Wëscher gi gemaach vu Gaart an Heem, Déifferdeng).*

## <u>Freideg, 16. August</u> *Hl. Stephan, Kinnek vun Ungarn († 1038)*

**Pétange**
**17:30 Adoration, rosaire et confessions.**

**18:30 Mass:**
als Joermass fir Jean Weisgerber;
fir d'Famill Brosius-Lippert;
fir d'Familljen Weinachter-Crahay a Schneider-Reimen;
fir déi liewend a Verstuerwen vun de Familljen Hatz, Enders, Juncker an Harpes.

## <u>Samschdeg, 17. August</u>

**Fingig**
**15:00 Hochzäit: Cyrille Welter – Mandy Weber.**

**Oberkorn**
**15:00 Hochzäit: Joël Lucas – Samantha Dezorti.**

**Pétange**
**17:00 Messe anticipée en français:**
als Stfg. fir d'Eheleit Nicolas Lucas a Marie Gloesener.

**Bascharage**
**18:30 Virowendmass:**
als Joermass fir Albert Bodevin;
fir Marie-Thérèse Dahlem;
fir d'Eheleit Josy a Marie-Thérèse Deischter-Thilgen an d'Famill;
fir d'Eheleit Georges a Marie-Louise Demeyer-Gengler an
André a Lucie Neyer-Seidel;
fir d'Familljen Jean-Pierre Kaiser, Metzler a Treinen.

## <u>Sonndeg, 18. August</u> *20. Sonndeg am Joreskrees B*

**Pétange**
**09:15 Houmass:**
fir d'Eheleit Marcel a Martha Loesch-Arend an d'Famill;
als Stfg. fir Jean Schmit a Cathérine Lentz an d'Famill.

**Oberkorn**
**11:00 Houmass.**

## <u>Freideg, 23. August</u> *Hl. Rosa vu Lima, Jongfra († 1617)*

**Pétange**
**17:30 Adoration, rosaire et confessions.**
**18:30 Mass.**

## <u>Samschdeg, 24. August</u> *Hl. Bartholomäus (Apostel)*

**Oberkorn**
**15:00 Hochzäit: Andy Nardecchia – Céline Portzen.**

**Pétange**
**17:00 Messe anticipée en français:**
als Stfg. fir d'Eheleit Antoine-Anna Nothum-Thill, Marcel a Raoul Nothum.

**Bascharage**
**18:30 Virowendmass:**
als 1. Joermass fir Eugène Kirsch.

**Sonndeg, 25. August** ***21. Sonndeg am Joreskrees B***

**Hautcharage**
**09:15 Houmass:**
fir d'Eheleit Jean Wagner a Marie-Thérèse Wagner-Hansen;
als Stfg. fir d'Familljen Thiry-Linster a Schwindt-Linster.

**Pétange**
**09:15 Houmass:**
als Stfg. fir d'Famill Léon Wagener-Diederich;
als Stfg. fir déi Verstuerwen vun de Familljen Ensch, Franzetti, Willière, Cathrein a Lentz.

**Oberkorn**
**11:00 Houmass:**
fir Jos. Hoffmann;
als Stfg. fir d'Famill Welter-Matzet.

**Freideg, 30. August**

**Pétange**
**17:30 Adoration, rosaire et confessions.**
**18:30 Mass:**
fir Jean Roderich, d'Eheleit François Roderich-Marguerite Nicks, Emile Roderich a Maria Lichtken.

**Samschdeg, 31. August** *Hl. Paulinus vun Tréier, Märtyrer-Bëschof († 358)*

**Pétange**
**17:00 Messe anticipée en français:**
fir Albano de Jesus an Esmeralda da Silva;
als Stfg. fir Jean Neuberg-Cathérine Lentz an d'Famill.

**Bascharage**
**18:30 Virowendmass:**
als Joermass fir Germaine Gonderinger, Mass fir Jean Klein an d'Famill;
fir Francis a Pia Gratia;
fir Paul Wagner, d'Eheleit Nicolas Haupert-Mathilde Schmit, Haupert-Flammand a Schmit-Muller;
fir Henri Sales an d'Familljen Sales a Lentz.

**Sonndeg, 1. September** ***22. Sonndeg am Joreskrees B***
*Fouersonndeg – Kiermes an der Kathedral*

**Pétange**
**09:15 Houmass.**

**Oberkorn**
**11:00 Houmass.**



**CTF Déifferdeng a.s.b.l**

**D'Traditioun vum Wësch,**
**deen op Maria Himmelfaart /**
**Léiffrawëschdag**
**(15. August) gebonne gëtt,**
**soll net verluer goen.**
**Weider Informatiounen zu dëser Traditioun**
**fannt dir op eisem Internet-Site.**

---------------------------------------------------------------

**D'Oeuvres paroissiales Käerjeng**

**invitéiert op en Trëppeltour (ca. 5 km) vum Kierchepad "Péiteng – Kéinzeg"**
**en Donneschdeg, de 15. August 2024 op Mariä Himmelfaart.**
**Départ ass um 15:00 bei der Kierch St. Hubert zu Péiteng.**
**Um 16:30 ass eng Andacht an der Maximinkapell zu Kéinzeg.**
**Retour mam Bus op Péiteng,**
**duerno Owesiessen (Ham, Fritten an Zalot)**
**am Café vum Home St. Hubert zu Péiteng.**
**De Präis vum Owesiessen ass 24,- € a bezuelt gëtt "sur Place".**

**Jiddereen, deen interesséiert ass, soll sech bis spéitstens den 12. August**
**am Parsekretarait beim Malou Geronzi um 26 50 38 62 mellen**
(mardi à vendredi 9h30 – 11h30 & 15h30 – 16h30) **oder malou.geronzi@cathol.lu.**

---------------------------------------------------

**Pilgerfaart op Banneux**
**vun de Fraen a Mammen aus dem Dekanat Süden-West**
**ass dëst Joer en Donneschdeg, den 12. September 2024.**

**Fir weider Informatiounen an d'Umeldung, mellt iech beim**
**Nicole Schuller um 661 23 19 66 bis spéitstens de 6. September.**

**D'Wallfaart bei d'Léiffrächen zu Käl**
**ass dëst Joer e Sonndeg, de 15. September 2024**

**15:15 Gebiet virun der Grott / *Prière devant la grotte***

**16:00 Feierlech Mass virun der Grott / *Messe* devant la grotte**

**Prédicateur / *Priedeger:* Mgr Léon Wagener, Évêque auxiliaire / *Weibëschof***

------------------------------------------------------------------

## Dates pour les baptêmes à Oberkorn, Pétange et Bascharage
## Septembre – Décembre 2024

**Oberkorn 11:00 et 15:00**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 7 septembre | 5 octobre | 9 novembre | 7 décembre |

**Pétange 11:00**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 septembre | 6 octobre | 3 novembre | 1 décembre |

**Bascharage 11:00**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 8 septembre | 13 octobre | 10 novembre | 15 décembre |

## Dates pour les baptêmes de la Communauté lusophone
## Septembre – Décembre 2024

**Fousbann à 12:00**

| | | | |
|---|---|---|---|
| ------------- | 5 octobre | ------------- | 7 décembre |

***Fousbann à 12:30***

| | | | |
|---|---|---|---|
| *8 septembre* | -------------- | *3 novembre* | *8 décembre* |

**Rodange à 12:00**

| | | | |
|---|---|---|---|
| 21 septembre | 19 octobre | 16 novembre | 21 décembre |

***Rodange à 12:30***

| | | | |
|---|---|---|---|
| *22 septembre* | --------------- | *17 novembre* | *22 décembre* |



Léif Leit alleguerten.

De leschten 30. Juni hat ech d'Chance zu Uewerkuer an der Kierch mäi Sëlwert Priesterjubiläum dierfen ze feieren.
Ech wëll hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir jidderengem e grousse Merci ze soen, deen dësen Dag 'live' zu Uewerkuer matgefeiert huet oder am Gebiet mat äis verbonne war.
Mäi Merci gëllt och all deenen, déi zum Geléngen vum Fest bäigedroen hunn:
Merci der Chorale Déifferdeng Saint-François-d'Assise mat hirer Dirigentin an dem Organist fir déi feierlech Mass:
Merci menge geeschtleche Matbridder – besonnesch dem Chanoine Tom Kerger fir seng déifgräifend Priedegt;
Merci den Uewerkuerer Massendénger/innen an de Grands-Clercs, de Lektoren a Lektorinnen;
Merci all deenen, déi d'Kierch am Virfeld gebotzt a gerëscht hunn, an an der Sakristei eng Hand mat ugepaakt hunn.

E Merci riichten ech och un déi, déi d'Receptioun no der Mass an de Cadeau organiséiert hunn: dem gemeinsame Pastoralrot vun de Paren Déifferdeng a Kordall mat hirer dynamescher Presidentin, der Kierchefabrick vun Déifferdeng, wéi der ganzer Pastoralequipe.
Ech wëll och alle Parleit vu béide Pare Merci soe fir all léif Gléckwënsch, Geste vu Sympathie an Don'e fir de Cadeau (zesummen 1.175 €).
Et war wierklech e gelongent Fest, fir dat ech immens dankbar sinn.

Niewent menge Merci'en – wou ech sécher, mee net gären, een oder deen anere vergiess hunn – wëll ech awer och nach en Uleies widderhuelen, dat ech schonns fir déi dësjäreg Oktav iech all un d'Häerz geluecht hunn:
Biet intensiv fir Beruffungen – besonnesch fir Priesterberuffungen !!  MERCI.

Léif Gréiss,
Jean-Pierre REINERS

## Prière diocésaine pour la visite de Sa Sainteté le Pape François (26.9.2024)

**Père très bon,**
**Regarde ton peuple en chemin, confronté à de nouveaux défis.**
**Accorde-nous ton Esprit Saint, Esprit de pardon et d'unité,**
**pour avancer ensemble sur le chemin de la solidarité.**

**Renouvelle ton Église qui est à Luxembourg par l'Esprit Saint.**
**Ouvre-nous à ta Parole et rends-nous sensibles aux soucis**
**et aux questions des hommes et des femmes de notre temps.**

**Fais-nous vivre de l'Esprit de ton Fils bien-aimé, Jésus le Christ.**
**Unis à Lui par le baptême, nous deviendrons**
**des disciples-missionnaires, appelés et envoyés au cœur de ce monde.**

**Fais grandir en nous la vision d'une Église vivante, dans la diversité**
**des langues et des cultures, des charismes et des ministères,**
**vers une fraternité authentique et en communion avec notre**
**Pape François, serviteur et bâtisseur de ponts.**

**Amen !**

## Un cadeau pour le Saint-Père / *E Kaddo fir de Poopst*

Dans le cadre de son voyage apostolique au Luxembourg placé sous la devise « Pour servir », l'Archidiocèse de Luxembourg remettra le 26 septembre 2024 un cadeau au Saint-Père pour le remercier de sa visite et le soutenir dans son action caritative. Ce cadeau, sous forme d'un don financier, sera destiné aux œuvres du Dicastère pour le Service de la Charité du Saint-Siège, connu sous le nom d'Aumônerie Apostolique. S'inspirant de l'Évangile, l'Aumônerie Apostolique a pour mission d'exercer la charité en faveur des pauvres, des personnes vulnérables et des exclus à travers le monde, au nom du Pontife romain.

Tous les fidèles et les personnes de bonne volonté sont invités à soutenir ce réseau de solidarité mondiale du Pontife romain, et à témoigner ainsi de leur attachement au Pape François et aux œuvres charitables qu'il soutient personnellement.

Pour contribuer à ce cadeau, vous pouvez faire un don à la **Fondation Sainte-Irmine : CCPL LU64 1111 7017 0305 0000 (avec la mention : Don - cadeau pour le Saint-Père)**, de préférence avant le 15 septembre. Pour vos dons en ligne : www.irmine.lu.

---

**Dat nächst Parblat geet vum 31. August – 29. September 2024**

Bestellt w.e.gl. är Massen bis spéitstens

Donneschdeg Mueres, den 22. August.

Merci am Viraus !